ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19. Abrëll 2022

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Familljeminister an den Här Minister fir sozial Sécherheet weiderzeleeden.

Mëttlerweil ass et schwéier nozevollzéien, wie bei engem Fleegefall oder an engem Heem fir wat fir Leeschtungen opkënnt. Grad esou schwiereg ass et fir déi Persoun, déi op dës Hëllefsleeschtungen ugewisen ass, fir d'Qualitéit vum Zerwiss ze kontrolléieren a fir ze kucken op déi vun de verschiddenen Déngschtleeschter verrechent Leeschtungen och all erbruecht si ginn. Duerfir hätt ech dës Froen:

1. Wier et méiglech, de betraffene Persounen, déi am Kader vun der Fleegeversécherung vu Prestatioune profitéieren, um Enn vum Mount oder Joer ee Relevé ze ginn mat allen Prestatiounen, déi an där Period geleescht gi sinn, respektiv vun der Fleegeversécherung iwwerholl gi sinn?
2. Gëtt an den Heemer vun der Fleegeversécherung kontrolléiert, ob déi a Rechnung gestallte Prestatiounen och tatsächlech geleescht goufen?
3. Gi bei Kontrollen och mol Verstéiss festgestallt a wa jo, em wéi eng an wéi vill Verstéiss handelt et sech an de leschten dräi Joren?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten